n° 202

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

REÇU
Par Alff Christian , 10:03, 09/03/2021

**Här President,**

Am Kader vun der Froestonn vum 09.03.2021 wéilt ech der Ministesch fir Famill an Integratioun eng mëndlech Fro stellen.

De Problem vum Surendettement ass net nei, huet duerch d'Covid-Kris awer sécher nach emol un traureger Aktualitéit gewonnen.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

Erkennt d'Madamm Ministesch eng steigend Tendenz, bei der Unzuel u Persounen, déi sech Hëllef siche wéinst Iwwerschëldung?

Erkennt d'Madamm Ministesch eng steigend Tendenz, bei der Unzuel u Persounen déi virun d'Commission de Médiation en matière de surendettement kommen?

Wat huet konkret de Ministère fir Famill an Integratioun am Kader vun der Covid-Kris gemaach, fir Persounen déi mat Iwwerschëldung ze kämpfen hunn, zousätzlech ze ënnerstëtzen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député